

# WANDROUS

N° 328 Fréileng / Päischtmount 2010

avril / mai



Kënnst 5 mol pro Joër eraus / Abonnement 25.00 Euros / CCPL: LU 82 1111 0498 5493 0000



Chefredakter: Guy MOYANO  
Verantwortlech vir den Drock an d'Veschécken: Groupe LBB  
E-mail: wandrous@lionsbleus.lu / Tel: 49 50 51  
<http://www.lionsbleus.lu>


Lies d'Wandrous da baste ëmmer up to date!!!



# Wandrous Publicitéit



Waat brauchst Du vir Geld ze spueren?\*



Loscht op schick Sportkléder oder Sportmatériel!  
Eng gültig Memberskaart vun den LIONS BLEUS!  
Den VIKING-ADVENTURES zu Tréier!

Paulinstrasse 25  
D-54292 Trier



d'LIONS BLEUS  
kaafen beim  
VIKING-ADVENTURES!

\* op all Akaaf kris du 10% wanns du deng gültig Lions-Bleus Memberskaart weis!  
an zum Schluss vum Joër kritt den Groupe eng Ristroume op dem Joresëmsatz!




[www.viking-adventures.de](http://www.viking-adventures.de)



## BEAVER FUN DAY

vun der FNEL



D'Beaver féieren dëst Joër 25 Joër.

An d'Beaver aus der ganzer FNEL féieren matt.

Fir dësen Gebeurtsdag ze féieren gët eng grouss Bauerenkirmes gemach.

AN DU, sollst matt op dësere Kirmes matmachen a féieren.

Ech kann der ët soen, ët gët mega flott.

Fir dës super flott Activitéit nët ze verpassen, muss du dech ganz séier umellen.



RENDEZ-VOUS: Sonndes, den 18. Abrëll 2010  
um 08:45 op der Gare zu Lëtzebuerg

RETOUR: Sonndes, den 18. Abrëll 2010 um 16:40  
op der Gare zu Lëtzebuerg

PREIS: 10 Euro ze iwwerweisen op den CCP LU87 1111 2571 8942 0000  
vun den Lions Bleus asbl - Beaver bis den 1. Abrëll 2010  
matt der Mentioun: "Numm vum Kand" + Beaver Fun Day 2010

UMELLDUNG: D'Souche ass bis den 27. Mäerz 2010 bei dengem Cheff  
ofzegin

MATERIAL: Klengen Rucksack, Bidon, Gamelle, Becher, eppes géint den  
Reen, Verkleedung als Bauer (undoen)


BEAVER KLACK

----- SOUCHE ----- SOUCHE -----

Heimadder erlaben ech \_\_\_\_\_

mengem Bevaer \_\_\_\_\_

op den Beaver Fun Day den 18.4.2010 mattzegoen.



\_\_\_\_\_  
Ennerschrëft



# EXPLO fir Scouten EXPLO fir Scouten



## “Adventure meets Nature”

16.-18.Abrëll 2010



### NEWS vum dësjähregen EXPLO

Mir fueren dëst Joër mat der Scoutsbranche bis iwwer d'Grenz an d'Géigend vun der Teufelsschlucht bei Iernzen(D), wou mir 3 flotter Deeg wärten zesummen verbréngen. Versprieche deet dëst op allenfall d'Thema vum Camp, hei wärten mer vill erliewen an et wärt keen ze kuerz kommen. Dofir mell dech ganz ganz schnell un fir mat op eis Natur Adventure Insel kënnen ze kommen...

FREIDES den 16. Abrëll 2010: → sust fir CP & SP

RV 20<sup>00</sup> am Naturerlebniscamp zu Ernzen (D) tëschend Iechternach an Irrel.

SAMSTES&SONNDES den 17.-18. Abrëll 2010:

→ fir all d'Scouten + CP&SP

Départ: RV 10<sup>45</sup> LUX-Gare

Retour: RV 16<sup>00</sup> LUX-Gare

### PRÄISS

30€ fir CP/SP (den ganzen Camp) & 25€ fir all dèi aaner Scouten (fir Samstes & Sonndes),

op den Compte vum Fischer Manon bis den 20. März 2010 iwwerweisen (CCPL IBAN LU69 1111 1943 4251 0000) mat der Mention: EXPLO'10 „Adventure meets nature“ + Numm

SOUICHE Oofzeginn bis den 20. März 2010 beim Tamia !

### MATÉRIAL:

Tip top Uniform, Gamelle/Becher/Kichenduch, Bidon, Täschenluucht, dem Wierder ugepassten Kleeder, Schloofsaack & Carrymatt fir dobaussen...

### Island of Adventure Crew



Heimat erlaaben ech \_\_\_\_\_  
mengem CP/SP, Scout/Guide \_\_\_\_\_  
um dësjähregen EXPLO alias “Adventure meets Nature”  
vum 16.-18. fir CP/SP respektiv 17.-18. Abrëll 2010 vun der  
FNEL deelzehuelen.

Ënnerschrëft vum Responsablen: \_\_\_\_\_



Et ass nees esou weit, den Sixplo steed firun der Diir  
Hei treffen sech all d'Wëllef aus dem ganzen Land fir en  
flofften Weekend ze erliewen.  
Dest Joer steed den Sixplo ënnert dem Thema Kelten.  
Mell dech seier un daats du och dobei bass.



Wien: fir d'Sixer den ganzen Weekend  
fir de Rescht Sondes

Weini: 15-16/05/2010

Wou: Um Neihaisgen

Rendez-Vous: Sixer: 15/05/2010 um 14h40 op der Stadter Gare  
Meute: 16/05/2010 um 09h40 op der Stadter Gare

Retour: fir jidereen: 16/05/2010 um 17h00 op der Stadter Gare

Präis: fir de ganzen WE: 20 €  
nëmmen Sondes: 8 €

Op de Kont: Les Lions Bleus Bonnevoie a.s.b.l. Meute  
CCPL I BAN LU64 1111 2581 2205 0000  
Mention : Sixplo + Numm vum Kand

D'Souche ass bis den 01/05/2010 bei engem Chef oofzegin bis dohin si och d'Suen  
z' iwerweisen.



ne-Souche-Souche-Souche-Souche-Souche-Souc

Ech \_\_\_\_\_ erlaaben  
mengem Wëllefchen \_\_\_\_\_  
Vun den \_\_\_\_\_  
vum 15~16/05/10 mat op den Sixplo zegoen



# PËNGSCHT CAMP:

fir Beaver, Wëllefchen, Scouten, Explorer & Rover

## ... Hola du Sportskanoun!



Bis dat d'Weltmeeschterschaft an Südafrika ufänkt an eis Schleck'en rëm op den Velo klammen, fir duerch Frankräich ze rennen, ass et jo nët méi laang!  
Dofir fënnt an der Pëngschtvakanz en Sportskamp statt wou's du dech kanns an Topform brëngen, fir op deenen verschiddensten Veranstaltungen kënnen deelzehuelen. Dësen "Maach-dech-fit-fir-de-Summer" ass eng enzegaarteg Chance fir mat Heischleeschtungssportler wëi dem Cristiano Ronaldo, David Beckham, Andy Schleck oder dem Usain Bolt ze trainëieren, an wien wees hinnen villaicht Konkurrenz ze maachen!  
Dofir mell dech séier bei dengen Cheffen un!

- Départ Scouten: Samstes, den 22.Mee 2010 um 9:45 Auer beim Hone zu Bouneweg, mat Pic-Nic, Velo & Helm!
- Départ Beaver/Wëllefcher: Samstes, den 22.Mee 2010 um 13:45 Auer op der Gare centrale de Luxembourg
- Retour: Dënschdes, den 25.Mee 2010 um 17:00 Auer zu Éinen vis-à-vis vum Wäinmusée um Parking
- Material: Schloofsaack fir dobaussen, Carrymatt(och d'Beaver), Gamelle, Kichenduch, Bidon, Täschenluucht, Trëppelschung, liicht Schung, Wäschaachen, Ersatzkleeder, dem Wieder ugepassten Kleeder, Reenjackett,... Jumboskaart oder E-GO Kaart...
- Souche: Ass oofzeginn bei dengen Cheffen bis den 8.Mee 2010
- Waat kascht et: 35 Euro (:), sinn bis allerspéidstens den 15.Mee 2010 op den Compte vum Fischer Manon ze iwwerweisen (CCPL IBAN Lu69 1111 1943 4251 0000)

**!!WICHTEG!!**  
ALL DEI LEIT MAT OPPEN PAIEMENTER VUN  
VERGAANGENEN AKTIVITEITEN DIERFEN NËT MATGOËN!!



Heimat erlaaben ech \_\_\_\_\_  
mengem Beaver, Wëllefchen, Scout \_\_\_\_\_  
um Pëngschtcamp vum 22.-25.Mee 2010 deelzehuelen  
Dëst ass eng offiziell Umeldung!

Ënnerschrëft vum Responsablen: \_\_\_\_\_







## VELO'S - TOUR



UFF, endlech hun ech ët gepackt a sin uewen um Bierg ukomm.  
 Oh, loos dech awer elo nët duercherneen brëngen. Matt den Beaver fueren mir keen esou  
 e groussen Bierg erop. Mir maachen daat gemittlech um Velo's Wee lanscht d'Uelzecht.  
 Fir datt déi ganz Saach awer nët esou langweileg gët maachen mir och nach e puer Spiller  
 matt onsen Velo'n.  
 Sou, méi verrodnen ech nët, a wanns du méi wëlls wëssen, dann muss du mattgoen !

RENDEZ-VOUS: Samsdes, den 5. Juni 2010  
 um 14:00 Auer beim Home

RETOUR: Samsdes, den 5. Juni 2010  
 um 17:00 Auer beim Home



UMELLDUNG: D'Souche ass bis den 15. Mee 2010  
 bei dengem Cheff ofgin.

MATERIAL: VELO, VELO'S HELM, klengen Rucksack, Bidon. klengen Snack  
 dem Wieder ugepassten Kleeder


BEAVER KLACK

----- SOUCHE ----- SOUCHE -----

Heimadder erlaben ech \_\_\_\_\_

mengem Bevaer \_\_\_\_\_

um Velo's - Tour den 5.06.2010 mattzegoen.



Ennerschrëft

# Re-MISÄRAQUA-Sortie

Fir Scouten & Explorer

## " Re-MISÄRAQUA Sortie "



Endlech ass et souwäit !!!

Waat heescht dat?

Ma et gët héisch Zäit, dat d'MISÄRAQUANER sech erëmgesinn.

Vue-que dat mer um Camp eng super Stëmmung haaten an nach eng Klengcheeket an der Caisse ass, hun mir am Staff gemengt mer géifen eng flott Intergruppensortie an



maachen. Jo dir hudd richtig verstaanen, mir fueren mat der ganzer Band an d'Phantasia Land.

Dofir mell dech séier un, an sécher der deng Plaaz.

Dës Sortie ass fir jidereen dien wëll matgoën, vun Scout bis Explorer, ganz egal op en um Camp dobäi wor oder nët !

Dëst gët bestëmmt e flotten Daach ënnert deenen beschten Scoutsgruppen vun der FNEL :)

An denk nët mol drun dech oofzemellen !

WEINI? den 12. Juni 2010

DÉPART? Samstes, den 12. Juni 2010 um 8 Auer um P&R Howald

RETOUR? Samstes, den 12. Juni 2010 um 19 Auer um P&R Howald

PRÄISS? Fir d'MISÄRAQUANER --> 15€ & Fir all aner Scouten & Explorer --> 25€

Ze iwweeweisen op den Konto vum FISCHER Manon (CCPL IBAN Lu69 1111 1943 4251 0000) mat der Mentioun "Phantasia Land 2010 + Numm vum participant + Numm vum Grupp

SOUICHE? Ass oofzeginn beim Tamia sou schnell wéi méiglech --> Déi éischt sinn firir :)

Waat muss du matbréngen? PIC-NIC an engem klengen Rucksack fir Mëttes, Tip-top Uniform, e bëssen Täschengeld fir am Park & gudd Laun :)

Mir freen eis, fir mat dir e flotten Daach ze verbréngen :) )

MISÄRAQUA-Crew



Heimat erlaaben ech \_\_\_\_\_  
mengem Scout/Guide oder Explorer \_\_\_\_\_  
un der Re-MISÄRAQUA-Sortie den 12. Juni 2010 am Phantasia Land (D)  
deelzehuelen.



Ënnerschrëft vum Responsablen: \_\_\_\_\_





# Souche Corse 2010

fir Rover, Explorer a Scouten

---NEWS - groussen summercamp - NEWS---



**CORSU 2010**  
30.Juli 2010 - 22.August 2010



**Et gët keen zerèck méi ☺**

D'Léit déi matginn stinn fest.

D'Fähr ass reservéiert an d'Route ass gekuckt.

D'Sonn, d'Bierger an d'Mier sinn exklusiv fir d'blo Léiwen reservéiert,

...  
Weider NEWS an der CORSEversammlung den 19/06/2010!

**Präiss :** Total = 850 €

Acompte 2+3: 300€ + 200€ woren bis den 01/02 respektiv 01/04/2010

Acompte 4 : 200€, bis den 01/06/2010

**Paacksaack:** 25€

op den Compte vum Fischer Manon ze viréieren (CCPL IBAN LU69 1111 1943 4251 0000)

### PAACKSAACK:

Falls der är Souche an déi 25€ nach nët oofginn/iwwerwisen hätt,  
gët et elo héisch Zäit. Mir mussen an deenen nächsten Deeg Commande  
maachen, fir dat dir ären Saack mat Zäit kritt ☺

### CAMP T-Shirt CORSU

Jiddereen kritt iwwer d'Campkees zwee T-shirt'en.

Fir dat mir dës kënnen bestellen bräichten mir är Gréisst.

Fëllt d'Souche w.g.l. aus, an gidd dës bis allerspéidstens  
den 01.Mee 2010 oof!



**CORSE-Elterenversammlung 19/06/2010 um 16<sup>15</sup>,**

dës ass obligatorësch fir jiddereen deen matgeet.

Hei kriss du all weider Informatiounen iwwer den Camp, Programm,  
Material.....Ausserdem kriss du hei och däin persénlechen Dossier mat der  
Fiche médicale, enger Apaacklëscht an nach villes méi...

**Den motivéierten CORSEN-CAMP-STAFF**



### SOUCHE fir en T-shirt!

Ech \_\_\_\_\_ bestellen mer gären zwee

CAMP T-shirt'en an folgender Gréisst

S \_\_\_ M \_\_\_ L \_\_\_ XL \_\_\_ XXL \_\_\_ fir mat an d'Corse ze huelen,  
an ginn d'Souche bis den 01.Mee 2010 oof!


Ënnerschrëft vum Responsablen: \_\_\_\_\_



# Programm Beaver


## Beaver - Programm

### Abrëll'10

3	<i>keng Versammlung</i>	Vakanz
10	<i>keng Versammlung</i>	Vakanz
18	Beaver Fun Day vun der FNEL	
24	<i>keng Versammlung</i>	NANDU  KODIAK



### Mee'10

1	 Versammlung	14:00-16:00
8	<i>keng Versammlung</i>	Rover-WE fir d'Cheffen
15	Versammlung	14:00-16:00
22. - 25.	Gruppen Päischtcamp	
29	<i>keng Versammlung</i>	Vakanz

### Juni'10

5	Velos - Tour	14:00-17:00
12	Versammlung	14:00-16:00
19	Versammlung	14:00-16:00
22	Faackelzuch	
26	Versammlung	14:00-16:00

### Juli'10

3	Léiwen Fest	
10	<i>keng Versammlung</i>	
11	Pow-Wow	



### Schéin Vakanz

Beaverklack: Paco / Nandu / Nora / Lena

# Programm Meute De Meute - Programm



## Abrëll

3	<i>keng Versammlung</i>	Vakanz
10	<i>keng Versammlung</i>	Vakanz
17	Versammlung	14:00 - 16:00
24	<i>keng Versammlung</i>	Hochzeit vum Kodiak an Nandu

## Mee

1	Versammlung	14:00 - 16:00
8	<i>keng Versammlung</i>	(Rover-We fir d'Cheffen)
15 -16	Sixplo	
22 - 25	Gruppen Päischtcamp	
29	<i>keng Versammlung</i>	Vakanz

## Juni

5	Versammlung	14:00 - 16:00
12	<i>keng Versammlung</i>	
19	Sorite	???
22	Faackelzuch	20:45 - .....
26	Versammlung	14:00 - 16:00

## Juli

3	Léiwefest	
10	<i>keng Versammlung</i>	
11	Pow-Wow	

## Schéin Vakanz



# Programm Troupe

## ABRÉLL :

- 31.-2. OUSCHTERCAMP (Formationscamp vum Lex)
- 3. + 10. keng Versammlung → VAKANZ!
- 16.-18. EXPLO sust fir CP&SP
- 17.-18. EXPLO fir ganz Troupe
- 24. keng Versammlung → HOCHZÄIT vum Kodiak & Nandu

## MEE :


- 1. Patrullenversammlung 14:00-16:00 Auer
- 8. keng Versammlung → ROVER-WEEKEND
- 15. Truppenversammlung 14:00-16:00 Auer
- 22.-25. PËNGSCHTCAMP
- 29. keng Versammlung → VAKANZ!

## JUNI :

- 5.-6. INTERPATRULLEN-WEEKEND
- 12. INTERGROUPEMISÄRAQUA
- 19. Patrullenversammlung 14:00-16:00 Auer  
Elterenversammlung fir Corse 16:15 Auer
- 26. Truppenversammlung 14:00-16:00 Auer

## JULI :

- 3. LÉIWENFEST
- 9. Nuit des brevêts
- 11. POW-WOW zu Mondorf
- 17.&24. keng Versammlung → VAKANZ!
- 30. Départ CORSE



Lex / Christophe / Tamia

# Programm Explorer



## Abrëll:

4.	Explorerversammlung	14:00-16:00 Auer
9.-11.	Interunitéit Ouschtercamp	14:00-17.00 Auer
17.	Explorerversammlung	14:00-16:00 Auer
24.	Keng Versammlung Hochzeit Nandou + Kodiak	

## Mee:

1.	keng Versammlung	
8.-9	keng Versammlung	Roverweekend
22.-25.	Paischtcamp	
29.	Explorerversammlung	14:00-16:00 Auer

## Juni:

5.	Schaffdach am Home	08:00-17:00 Auer
12.	Misäraquasortie	
19.	Explorerversammlung	14:00-16:00 Auer
22.	Fackelzuch + Grillen	20:45 r.v. Beim Kaiffer
26.	Explorerversammlung	14:00-16:00 Auer

## Juli:

3	Préparation Léiwenfest	08:00-17:00 Auer
4	Léiwenfest	
9	Nuits des Brevêts	
11	Pow-Wow zu Mondorf	
30-22/08	Camp Corse 2010	



Fir d'Unitéit **M.A.M.M.U.T.**: Tameng / Eric / Kodiak

## Resultat vum 19. Gala-Diner

### D'Organisatören vum 19. Gala soen en megagroussen

# MERCI

der Akaaf- an Kachéquipe  
der Zervice- an Ofrauméquipe  
der Spull-, Raum- an Botzéquipe  
der Tombola- an Décorséquipe  
den Gäscht fir hiirt Vertrauen an hieren Grëff an de Portemonni  
den Gäscht fir hir generéis Participatioun un der Tombola  
dë Frënn an Bekannten fir hir Don'en  
onsen Sponsoren fir di grousarteg Ënnerstëtzung

<b>Total Recettes:</b> lessen, Don'en, Tombola an de Bal: Bunny in the snow	4090,00 €
<b>Total Dépenses</b>	1226,19 €
<b>Bénéfice net</b>	2863,81 €

Wou sin d'Suen higaangen:

Roumanie enfants d'ailleurs	2 000,00
Renouv. Enfant	
Vietnam	480,00
Indescht Patenkand	300,00
Fond de calamité	83,81

### Merci un ons Sponsoren:

Aral Luxembourg s.a. , BGL, Boutique Richy s.à.r.l. , Brasserie de  
Luxembourg Mousel-Diekirch s.a. , Dexia , Fijutsi-Siemens s.a. ,  
Heytens s.a. , Holzhäischen Jonglënster , Hotel Pax La Locanda ,  
Hotel-Restaurant Il Campanile , P&T Luxembourg , RCM , Stoll  
Maître Matelassier s.à.r.l. , Tapis Hertz s.à.r.l. , Vikinger Adventures







# Rapport Bunny in the Snow II

## Bunny in the snow I I

Moies um 9 Auer ware mier all am Home, wou mier d' Chargen fier den Daag opgedelt haaten, well nach verschiden Sache opstungen, wei zb. Sachen fier den Jagerthe kaffen, preparation vun der Deko dat hecht weiß Isolationen fier Eiszapfen erauszuschneiden an d'Griller bei d' Hoga siche goen.

Mettes sin mier dun Zelt an den Cartier sichen wat ma duerno direkt fierum Exit 07 opgebaut hatten, eseu dat en als eicht huet misten duerch Zelt goen fier iwerhaupt an den Exit eran ze kommen. Während dems dei eng bausen Zelt opgericht haaten, haaten Medecher sech bannen emt Decko gekemert. Wei Zelt dun opgericht war hun ma nach misten dei 3cm Eisschicht um Buedem fortkratzen fier dat et net seu ruttech war, den Tameng an de Lex hun sech hemt Belichtung and Musik gekemert. Nodems och bausen am Zelt fier d' Belichtung gesuecht war and Griller and Gaschampionen ugeschloss waren, war et och schon 7 Auer an do hun ma eis op den wee zereck and d'Home gemach fier eis nach seier ze duschen an nach eppes ze iessen. Geint 8 sin ma dun och erem an den Exit gefuer fier dat fier 9 och alles wieklech färdech war. Kuerz no 9 sin dun och schon dei eicht Leit komm. De Bar am Exit selwer hatten mier selwer net, em den huet sech den Déclic gekemert. Bausen am Zelt hatte mier Thüringer an Mettwurchten gegrillt an Glühwein an Jagerthé verkaaf em datsech den Grizzly, Tamia, Kodiak an Pacogekemert hatten. Em den Vestiaire hatten sech eis Medecher gekemert, em den Entrée hatten sech Mouette an Ano an emt Musik haaten sech de Tameng an den Lex gekemert. Geint 2:45 waren dun och dei Lecht fort an mier hun ugefang mat ofrappen wat astau-lecher weis extreme seier gang as, vlaicht lung dat dodrun dat mier all deud mit waren an einfach nemmen and Bett wollten. Nodems Zelt dun och erem am Cartier war sin ma erem zereck and d'Home gefuer. Geint 5 Auer lunge ma dun all am Bett. Den Erléis +/- 2000€ spende ma un eng Romainech association fier den opbau vun enger neier Scheul. Eric Holzem



## Rapport Fuesweekend

SAMSTAG, DEN 6. FEBRUAR 2010:

Wir haben uns um 14 Uhr im Home getroffen. Wir haben die Faschings-Party zusammen mit den Beaver gefeiert und haben folgende Spiel gemacht: Putzfrauenfu ball, Luftballontanz, Schokoladenspiel, papier Insel, Bonbonspiel, Luftballon platzen und das Fliegerlied getanzt. Zwischendurch haben wir Schokoladenkuchen, Waffeln und Zitronenkuchen gegessen und Jüchen getrunken. Ich nahm ein Stück Zitronenkuchen. Mmmm, der war lecker!

Gegen 17 Uhr 30 gingen die Beaver mit ihren Eltern nach Hause. Als sie alle weg waren, waren die Wëllef alleine und hatten Freispiel. Im Freispiel haben wir uns installiert.

Nach dem Freispiel haben wir uns japanische Hütte aus Wellpapier gebastelt und haben uns Jonglierbälle aus Ballons und Mehl gebastelt. Nach der Bastel haben wir wieder Freispiel gehabt. Alexis und ich waren heimlich durchs Haus geschlichen und uns immer versteckt.

Als Abendessen gab es Spaghetti mit Tomatensoße und Käse und zum Trinken gab es Jüchen. Nach dem Essen wurde gespült.

Bevor wir ins Bett gingen mussten Sarah und Charel Simonis nach Hause. Dann haben wir uns die Zähne geputzt und unser Pygama angezogen. Als wir alle im Schlafsack lagen haben wir noch zwei Lieder vorgesungen und eine Geschichte erzählt bekommen.



MAX MAJERUS





# Rapport Techuana 2010


Fréides, den 12. Februar 2010

Wir trafen uns am Abend beim Home. Von den Scouten waren Ludovic, Samuel und Nicolas da. Es waren viele Cheffen dabei und auch ein Explorer(Eric). Wir hatten uns erst mal im Schlafzimmer installiert. Danach machten wir einen Chargentableau. Da stand drauf wer zu der Gruppe gehörte und nachher auch was für Chargen wir tun sollten. Wir gründeten 2 Patrullen „TECH“ und „UANA“. Das Camp hieß ja Techuana. Danach aßen wir noch und reinigten das Besteck und die Teller. Wir sind noch kurz am abend wach geblieben, kurz danach aber gingen wir ins Bett



Samstes, den 13. Februar 2010

Die Wecker hatten nicht geklingelt und wir wachten zu spät auf. Das Besteck für heute morgen hatten wir schon gestern Abend auf den Tisch gelegt. Wir haben Müsli gegessen und wir spülten das Besteck erst am Abend, weil wir schnell mit den Autos wegfahren wollten. Alles war schon eingepackt worden, und wir gingen in die Autos und fuhren los. Wir sind mit 4 Autos nach Techuana gefahren. Alle Scouts waren im selben Auto, weil keiner ohne einen anderen Scout sein wollte. Für jedes Auto gab es eine Tüte mit Süßigkeiten, die die Leute im Auto sich unterwegs teilten. Im Auto haben ich, Ludovic und Samuel z.B. Karten gespielt, Comic 100 mal durchgelesen und geplaudert. Manchmal schliefen wir auch(aber eher selten). Wir gingen vor der Mittagspause auch tanken. Wir aßen Sachen wie z.B. kleine Würstchen, Gemüse, Paté und Brote zu Mittag. Wir kamen abends spät (es war schon dunkel) an. Es gab viel Schnee, und Eric hatte den Weg zum Schlafraum schon vom Schnee freigeschaufelt. Als erstes brachten wir alle Sachen wie z.B. Skizeug, das Essen, Kochgeschirr und andere nützliche Sachen ins Haus hinein. Wir aßen noch am Abend das Essen das die Kochcrew gekocht hatte. Die Chargen wurden gemacht (spülen ...). Die Hütte wo wir schliefen war sehr kalt, weil wir es noch nicht geheizt hatten. Aber man konnte trotzdem gut einschlafen.



Sonndes, den 14. Februar 2010

Wir sind als erstes aufgewacht und haben uns angekleidet. Wir gingen alle in das größere Haus wo die Küche und der Essraum und die Toiletten waren. Im Garten war noch so viel Schnee (über 1 Meter) daß wir den „Carré“ nicht draussen halten konnten. Man konnte sich kaum im hohen Schnee bewegen. Deswegen hielten wir ihn in der Küche ab, wo es auch gut warm war. Die Patrullen haben die Tische gedeckt und nach dem Frühstück das Geschirr gespült. Wir mussten nach dem Frühstück Holz kleinmachen zum verbrennen für die ganze Woche und stapeln im Essraum/Préo. Wir hatten einen Kamin im Esszimmer zum heizen. Das Holz war vielleicht 50 Meter weit entfernt vom Stapelplatz, und dafür mussten wir einen Weg vom Schnee freischaufeln. Das Holz wurde mit Zwei Axten und einer Motorsäge zerkleinert. Das Schaufeln war mühsam und es ging nur langsam voran. Das Holz wurde mit Schubkarren bis zum Stapelplatz transportiert. In der Zwischenzeit wurde ein Schlauch vom Brunnen bis zur Küche installiert daß man immer fließendes Wasser in der Küche hatte. Für die Toiletten mussten Eimer gefüllt werden. Das machten die Patrullen abwechselnd. Am Abend, wenn alles fertig war gingen die Cheffen und ein paar andere spazieren, und





# Rapport Techuana 2010


Die Scouten und die Kochcrew blieben beim Haus. Wir wollten nicht mitspazieren gehen und probierten gerne einen Schneeglu zu bauen, aber die Zeit reichte nicht aus um es fertig zu machen. Als die Cheffen zurück kamen aßen wir noch und relaxten noch ein bisschen beim Feuer. Nicolas spielte Gitarre und wir spielten noch Brettspieler. Danach gingen wir ins Bett jetzt war es schön schnuckelig warm im Schlafraum, weil die Heizung an war. (Nicolas Piron)

Méindes, den 15. Februar 2010

Moies sinn mir um 7 Auer erwäsch ginn, hun eis dun ungedoen an sinn um 7:30 Auer an den geschöpptenen carré gaangen. Den Lucky war sou frou mam Schnéi, hien huet sech an eisen Schnéiwee'er gewälzt. Dat huet eis dekonzentriert während den Tameng den Fändel ropgezunn huet. Den Neckel huet eis Klaameren ausgedeelt fir d'Klaamerspill ze spillen. Mir missten versichen engem aanderen d'Klaamer un een Kleedungsstück ze hänken ouni dat hien et mierkt, an dat während dem ganzen Camp. Dun sinn mir erangaangen, an hun ons Chargen gemaach. Direkt nom Essen an dem Anpaacken, sinn mir an den Auto geklomm fir op d'Piste ze fueren. Dat huet ongeféier eng Stonn gedauert. Den éischten Daach vum Camp op der Piste war net schlecht.... Dem Ludovic seng Bindung ass no der éischter Descente futti gefuer an den Kodiak ass dun schnell an den Auto en Tournéiwiss sichengang fir se rem festzeschrauben. No dem nächsten Crash ass se dun nees futti gang an seng Schibox ass beim fueren gerass (en riesegt LACH). Mir hun dun mam Tamia beim Schéld op den Kodiak gewaart deen mam futtissen Ski roofgefuer ass fir en flécken ze loosén. Sou sinn ech mam Tamia weidereroofgefuer an den Ludovic ass zu Fouss an um Hénner den Bierg eroofgerutscht. Um 13 Auer sinn mir dun beim Auto ukomm fir z'essen. Nom Essen sinn mir rem op d'Piste gang. D'Tamia wollt onbedèngt dass den Ludo an ech en schéinen Plou maachen! =) Um 16:30 Auer MI SSTEN mir nees beim Auto stoen. Mir haaten ongeféier 10 Minuten Verspéidung an hun missten eng gudd Organisatioun fannen, fir d'Ski an d'Këscht um Daach vum Auto ze leen. Den Tameng krut no enger véirel Stonn mat Gewalt d'Mall zou. Dun sinn mir an d'Piscine an an d'Sauna gefuer. Endlech um 19:30 Auer sinn mir an Techuana zeréckgefuer. Mir hun giess an d'Chargen gemaach an wärten géint 23:00 Auer an d'Bett gaangen sinn.

Dënschdeg, den 16. Februar 2010

Moies sinn mir um ongeféier 7:00 Auer erwäsch ginn an eis Skisaachen an Kleeder fir op d'Piste waren schon prett, well mir se schon owes virbereed haaten. Schnell sinn mir an den Carré gang, duerno hun mer giess an d'Chargen gemaach (spullen, Dësch decken an ofraumen, Auto mat Skisaachen lueden, Eemeren mat Waasser fëllen fir op Toilet kënnen ze goën) Nodeems alles erleedeicht wor, sinn mir op d'Piste gefuer. Dat huet ongeféier 1 Stonn gebrauch. Alleguer mam Auto um Parking unkomm, hun mir eis Saachen aus dem Auto geholl an ungedoen. Dun konnt den Spaass unfänken. Den Ludovic haat eng K-Ways Box vum Soa krut fir iwwert seng Skibox unzedoën, well hien seng Box e Méinden zerass haat. (D'Lach wor rieseg) Um 13:00 Auer hun mir um Parking eng Mëttegpaus gemaach an hun Schmieren giess. Mir hun eisen faallbaren Dësch ausgepaack fir drop ons Schmieren ze maachen, an dat hun all d'Leit aus der Umgebung sou cool fonnt, dat se daat bewonnert hun, wéi se laanscht eis



# Rapport Techuana 2010

Getrëppelt sinn. Sou schnell wéi meiglech sinn mir erëm op d'Piste gaangen. Bis 16:00 Auer sinn mir gefuer an hun eis dann um Katschberg (Katschi ^^) bei der Hütt getraff fir en Schoki oder Almdudler ze drénken. No enger halwer Stonn sinn mir dun rëm zerëck an Techuana gefuer. Unkomm, hun mir eis Chargen gemaach. Dun gouf gekacht an den Ludovic misst Gromperen schielen well en vergiess huet den Dortoir zou ze sperren, mee well en nach Mathésaufgaben haat, huet en déi gemaach an den Neckel huet d'Gromperen fir hien geschielt. (Vum Samuel geschriwwen a vum Hamster N°1 (Ludovic) getippt a verbessert)



Mëttwoch, den 17. Februar 2010

Moies sinn mer wei emmer um 7:00 auer erwäuscht gin, an mir hunn ons dunn direkt ungedoen an an den groussen sall gaaangen. Do hunn mer den desch gedeckt, giess, gespult,..... (ons chargen gemaach). Herno, als alleuer d'Chargen ferdech woren, (och Schimaterial anpacken), sinn mer an den auto geklomm an fortgefuer. Als mer op der Piste unkomm sinn, sinn mer gefuer, bis 13 auer, wou mer ons beim parking fir z' iessen getraff hunn. Nom iessen sinn mer nach eng keier op der Piste gaangen, an do sinn mer ongefeier bis 17 auer bliwwen, dunn sinn mer an enger bar gang fir eppes ze drenken. Herno sinn mer nach an d'Sauna gaangen, an do sinn mer 2 Stonnen bliwwen. Herno sinn mer heem gefuer, hunn giess, an dunn d'Chargen gemaach an an d'Bett gaangen.



Donneschdes, den 18. Februar 2010

Wei emmer sinn mer moies um 7:00 opgestaan, an ons prett gemaach fir op d'Piste an giess. Nodeem mer giess hunn hunn mer d'Chargen nach gemaach, an dann op d'Piste gaangen. Desen daach wor ebessen aaneschtes wei dii aaner: Mir sinn zwar schi gefuer, mee herno sinn mer mat enger aart schlitten gefuer. Dat wor sou wei eng aart mini-arterbahn. Mee soss hunn mer eis wei emmer um 1 auer op dem Parking giess an um 17 auer an der bar getraff, an do nach eppes gedronk an herno heem gaangen fir z' iessen an no den chargen nach ebessen opzebleiwen, oder schloofen.



Fréides, den 19. Februar 2010

Freiden moies sinn mer wei all moies erwäuscht, ons prett gemaach, an giess. Herno sinn mer an den Auto geklomm, an op d'Piste gefuer. No enger halwer Stonn sinn mer unkomm, an dunn schi gefuer. Mee d'Wieder wor deen Daach net genial, an dorfir sinn mer nemmen den halwen daach gefuer. En aaneren grond firwaat mer nemmen den halwen daach gefuer sinn, ass dat ech mein knei verdreint haat, an doweinster net mei richtig goen konnt. Also sinn mer nom mettegiessen an d'Sauna gaangen, an sinn do bis owes bliwwen, an dunn erëm um Techuana gaangen fir owesziessen. Während der Spull hunn d'Patrull Uana en neit spillidd erfond, an no den chargen konnten dei schloofen goen, dei wollten. Mee mir wollten nach en briedspill spillen, wad ganz leschteg ass. Schlussendlech sinn mer awer an d' Bett gaaangen.



Samstes, den 20. Februar 2010

Deen daach sinn mer um 04:00 auer opgestaan, an eppes giess an direkt an den auto geklomm an sinn lasgefuer. Den Trajet wor eben laang, an mir hunn ons an





# Rapport Techuana 2010

Auto geklomm an sinn lasgefuer. Den Trajet wor eben laang, an mir hunn ons an den Auto beschäftegt. Als mer owes um Home unkomm sinn, haaten mir naischt ze iessen an mir hunn dunn eben eng Pizza bestallt. Herno hunn mer nach eng keier vill mols dat briedspill gespillt, an ech hunn geint d' Tamia 2 mol gespillt, an 2 mol gewonn... :) Herno sinn mer schloofen gaangen.

Sonndes, den 21. Februar 2010

Den lechten daach sinn mer ebessen mei speit erwächt. Dunn hunn mer giess, an dann hunn mer geraumt, gespullt, gebotzt,..... An herno hunn mer nach eng chaine des adieux gemaach an sinn heem gaangen. (Hamster N°1 Ludovic)

## Daat "offiziell" Spullidd " von TECHUANA 2010"

Refrain:

Neen, waat eng Spull, oh Mamm oh Kanner  
Sou eng Spull hun ech nach nie gesinn  
Mamm waat eng Spull, do gëss de gecke  
Mat dëser Spull ginn mir nie färdeg

Verse 1

Mam Spüli wäschen, an Dicher drëschnen  
Domadder ass et nach laang nèt gedoën  
Mir mussen reiwen an nach laang bleiwen  
Dass d' Spull färdeg gët, Tahrattatahrattata

Refrain:

Neen, waat eng Spull, oh Mamm oh Kanner  
Sou eng Spull hun ech nach nie gesinn  
Mamm waat eng Spull, do gëss de gecke  
Mat dëser Spull ginn mir nie färdeg

Verse 2:

Kachdëppen schellen, an d' Cheffen bellen  
Fir dat mir èt nèt iwwerdreiwen  
Bestëck sortéieren, an dat mir nèt fréieren  
Sangen mir nees daat Lidd Tahrattatahrattata

Erfonnt vum: Nèckel, Nicolas P., Samuel an  
Ludovic (Hamster N°1) TECHUANA 2010





Formationsversammlung 6 Februar 2010

Soubaal all Scouten um 2 Auer agetraff waren hu mer schon direkt ugefaang den Schokolat op der Kachplack ze schmelzen. Aus deem leckeren Botter-Rahm-Schokolat Gemesch sollen herno Kleng Trüfflen entston. Währedeems den Schokolat am gang ass rem oogzekillen hu mer kleng leif süß romantesch rosa herzförmech Valentinsdaach Këschten aus dënnem Carton gebaut. Dësst huet sech awer als guer net einfach fir Scouten rausgestall. Dei haten nämlech dei greißten Problemer fir dei bastleresch Aarbescht schein ferdesch ze kreien. Op der Foto gessidd der eng kleng Këscht dei als Modell gedengt huet. Och wann verschiddnen Herzer eng Gromprenform haaten ware mer awer allgemeng richtigeg Stolz op d' Aarbescht vun den Scouten. Dun koum awer reicht dat Bescht! Mir hun eis Trüfflen geformt dei mer dono nach an Kakao, Kokosnoss oder Mandelpudder gezappt hun. Dei kleng Schokolabullen waren einfach en Genooooosssss. Wei mer ferdech waren hu mer puer Trüfflen an eis Kescht gemach an dun haaten Scouten en perfekt Valentinsgeschenk. Christophe REI NERS



## Rapport vun menger Formationsversammlung vum 27. Februar 2010

Wou jiddereen beim Home um 14 Auer ukomm wor, hun ech en Carré gemach, an hun erklärt waat mer an dëser Versammlung maachen wärten. Duerno sinn mer all erangaang, an mir hun eng Pabeiersnapp op den Dësch geluecht. Mee well ech an kengem Geschäft flësseg Pesch fonnt haat, misst ech eng Puddermëschung doheem fir bereeden, dei eng hallef Stonn misst roueg stoën. Dunn hun ech Dëppchen mat der Mëschung opgemaach, an erklärt dat mer d' Mëschung sollten an 2 deelen, fir dat jiddereen gläich vill huet fir säin Déier. Dono hun mer ons patrullenweis am Patrullesall opgedeelt an ronderëm den Dësch gestallt. Di 2 Patrullen hun ungefaangen mateneen ze diskutéieren wéi se d' Déier maachen wollten, an hun dun ungefaangen ët ze formen. Awer et wor wierklech nët einfach, déi Mëschung ze formen, well se sou pëschege wor. Mee mir hun ët awer gepackt. Während dat mir geformt hun, sinn d' Cheffen een nom aneren sichen komm, fir déi déi nach keen Tenderfoot haaten ze testen. Sie haaten haut och nach Tenderfoottest.

Nodeems mer färdeg woren mat formen, missten d' Déieren dréchnen, an dat ca. 30 Minuten. Während dessen hun mer dann mol alles geraumt, wat mer raumen konnten, an sinn dun eraus op d' Wiss mam Vortex spillen gaangen. ^^ Do hun mer en Krees gemach, an een wor an der Mëtt. Déi di am Krees stoungen missten sech Passen mam Vortex maachen, an deen an der Mëtt misst en opfänken. Deen duerft dann ërem eraus aus dem Krees kommen wann hien den Vortex opgefaangen haat oder een aus dem Krees en net opgefaangen haat. No 30 Minuten Spaass, missten mer erëm eran, fir d' Déieren op d' Sait ze leen an den Recht ze raumen. Herno sinn mer nach ca. 5 Minuten nees mam Vortex spillen gaangen, an dunn hun mer nach eng Gruppenfoto gemach, dann wor ët schon 16 Auer, Zäit fir heem ze goën.



## SORTIE "A WIEWESCH" zu Manternach

Samsdes, den 13. März 2010

Um 9:30 op der Gare vum Cents hun mir ons Sortie gestart. Matt dobäi woren: Lis, Danie, Nastia, Jasmine, Victor, Ugo, Jannes, Matteo, Tomas, d'Nandu an d'Paco. Aha, den Zuch kënnt, Äddi Mama a Papa mir maachen ons elo fort. Zu Manternach op der Gare ukomm sin mer zesummen „A Wiewesch“ gaangen. Do hun ons den Manuel an d'Sandy schons erwaard. Ugefaangen hun mer matt enger klenger Aleedung iwwert d'Insekten. Ech hoffen dir wëst nach waat en Insekt ass. Psst, si hun nëmmen 6 Been an 3 Kierperdeeler. Sou, elo wossten mer emol schons eppes méi. A weider ass et matt der Bei gaangen. Ween ass alles an engem Beienstack, wéi kréien mer den Hunneg vun den Béien,.... An wëll mer elo schons esou vill gewuer gin sin, sin mer eraus an den Gaart gaangen fir no Insekten oder soss kleng Déieren ze sichen. Daat ass awer am Wanter nët esou einfach, mee mir hun der awer fond: Käferen, Spannen, Kellerdéieren, Dausendféissler,..... Dun wor et awer och un der Zeit déi Krabbeldéieren emol méi genau ze ënnersichen. Ennert engem Mikroskop kënnen esou kleng Déiercher op emol grouss an grujeleg ausgesinn, esou datt esou guer onser gréissten an eelsten Beaver e groussen Schrott no hannen gemaachen huet an eng Kéier haart gejätzen huet. Nodeems mir all Krabbeldéier méi genau ënnert d'Lupp geholl hun, wat nët seou einfach wor. Wéi se nämlech ënnert dem Mikroskop woren ass et hinnen gudd waarm gin an si hun ugefaangen méi séier ze krabbelen. Nodeems mer déi Krabbeldéieren awer genau ënnersicht hun, hun mer se och erëm selbstverständlech frei geloos. Nach e kleng Spill, wou mir selwer e Spannennetz gemaach hun an dunn wor et och schons Mëtteg. Esou ass onsen Muerjen och séier em gaangen an mir hun ons gesaat fir d'Mëttegiessen. Mir hun ons onsen Pic-Nic gudd schmaachen geloos, mee daat wor nët esou einfach, verschidden Kanner ze iwwerzeegen, datt se vir d'eischt hir Schmir sollen iessen, an zum Schluss eréicht den Schokolat. Mee et ass awer gaangen. No engem vollen Bauch ass et dunn weider gaangen. Mir kruten e puer Déieren, déi bei ons am Bësch liewen, gewissen an ë bëssen vun hinnen erzielt. Mir hun den Dachs, d'Rhéi, den Fuus, d'Mäerel an nach vill aaner Déieren gesinn. Ah jo, nët ze vergiessen den Beaver hun mer gesinn. A hien huet missten poséieren fir eng Foto matt ons ze maachen. Sou, dun wor et Zeit fir nach eng Kéier eraus ze goen. Mir sin zu Manternach an den Bësch gaangen. Trotzdem, datt mir alleguerten, jo, alleguerten, roueg woren hun mir leider keen Rhéi gesinn. Esou hun mir dann alt nach e Spill gemaach. Et huet een d'Aan verbonnen kritt an ass bei en Baam bruecht gin an dun erëm fort vum Baam. Herno huet en dësen Baam erëm missten erëm fannen andeems hien d'Aan nët méi verbonnen haat. Tjo, et huet halt nët ëmmer geklappt fir den Baam erëm ze fannen. No enger Zeit hun mer op der Wiss daat nächst Spill gemaach. Den Rhéibock huet missten matt verbonnenen Aan seng Rhéigees, déi no him geruff huet, erëm fannen. Nodeems all Beaver eng Kéier un der Rei war, sin mer erëm zeréck „A Wiewesch gaangen. Ennerwee hun mer nach no Déierenspueren gesicht, awer leider baal keng fond. Erëm am Haus ukomm, hun mer eng kleng Stärkung kritt. Mmmm, déi Bretzel wor awer gudd. Mee mir woren jo nët nëmmen do fir ziessen an esou hun mer och nach geschafft. Mir hun gehollef un engem Projet mattzeschaffen. D'Ziel vum Projet ass, aus Leem an Holsstämm eng Plaatz ze schaafen, wou déi wëll Béien hir Eer kënnen dran leen. Aus Leem hun mer kleng Rechtecken gemaach, wou mer matt engem, Bleistëft Lächer dran gemaach hun. An e klengen Baamstamm, ongeféier 20 cm dëck an en Duerchmesser vun 20 cm, sin Lächer dra gebuert gin. D'Lächer hun nët dierften duerch gebuert oder gestacht gin, wëll soss kënnen d'Béien hir Eer nët méi dra leen. Ausserdemm hun mer nach en Insektenhotel gemaach. Dësen Hotel beschteet aus engem Baamstamm ongeféier 30 cm Duerchmesser an 30 cm dëck, wou Lächer dra gebuert gin sin. Och dëss Lächer sin nët duerchgebuert gin. An dëss Lächer hun mir dann Schilff gestach. An dësen Schilff, deen jo huel ass, kënnen dann Insekten era klammen an dann den Wanter dran iwwerliewen. Den Schilff ass eng kleng Isoléierung, esou, datt den Insekten nët esou kaal gët. Nodeems mir elo gudd geschafft hun, wor d'Zeit och schons em. Mir hun ons fäerdech gemaach fir op den Zuch ze goen. Iert mir awer gaangen sin, hun mer vum Manuel an Sandy nach e klengen Kado kritt. Et wor baal ewéi eng Iwwerraschungstut. Zesummen sin mer dunn ze Fouss op d'Gare vun Manternach gaangen, wou mer nët laang gewaart hun bis den Zuch komm ass. Um Cents op Gare sin mer erëm eraus geklommen an hun den Elteren gudd midd Beaver zeréck gin.





# Dem LIB séng Sait: Den LIB séng Sait:

Dir kënt dem LIB hëllef an deems der folgend Aufgaben léist...

## PATCHWORK

Den Diagramm ass an e Gebitt mat N Felder angedeelt. Schreiw an all Feld eng Zuel. All Gebitt muss all Zuelen vun 1 bis N genee 1x enthaalen. An all Zeil an all Spalt müssen all Zuelen gläich oft firkommen. Zwou gläich Zuelen dierfen net orthogonal benoepert sinn!

2					1
		2			
			3		
	3				

## SUDOKU:

	9					1	
8		4		2		3	7
	6		9		7		2
		5		3		1	
	7		5		1		3
		3		9		8	
	2		8		5		6
1		7		6		4	9
	3						8

Léif

Beaver, Wëllef & Scouten

Hoffen dir haat bis elo vill Spaas mat menger Sait, an ech sinn och frou dat der mer hëllef dës schwéier Rätselen ze léisen.

Géif mech freen wann dir mir géift Geschichten/Witzer schreiw an oder Biller molen...





## WITZ-FROËN:)

- 1) Virwaat waarden 15 Blondinnen op eng Blondinn?
- 2) Op engem Taxistand waarden 17 Taxi'en, déi éischt 4 fueren fort! Weivill bleiwen der elo stoën?
- 3) Mat wéi enger No kann een net bitzen?
- 4) Firwaat wiesselen Blondinnen sou selten Pampers bei hieren Kanner?
- 5) Waat stells du der énnert enger Hängbréck fiir?
- 6) Firwaat stellt eng Blondinn eng eidel Fläsch an den Frigo?
- 7) Nennt mer den Énnerscheid téschend engem Hond an engem Panzvollist?



# WANDROUS NEWS Wandrous News



# WANDROUS fnel NEWS Wandrous fnel News



**FNEL SCOUTS-SHOP**  
**Adresse:**  
 43, rue de Hollerich  
 L-1741 Luxembourg  
 Tel: 26 48 04 50

**JOURS d'Ouvertures:**  
 17:30 - 19:30  
 - 15/04/2010  
 - 06/05/2010  
 - 20/05/2010

**ALLGEMENG Datumer:**

2-5/04/2010	Explorerbrevet	23/04/2010	Dragons de Georges
19-11/04/2010	Scoutsakademie	25/04/2010	Bilan chef de groupe
17-18/04/2010	Bosses & Bobos 2	04/05/2010	Réunion Communication
16-19/04/2010	Explo (D) Teufelsschlucht	15-16/05/2010	Sixplo

**Gratis Material**

De Mungo géif gären en 20 Liter Rucksak vun der Marke Carrimor, en Dagesrucksak vun Deuter an en 40 Liter Rucksak vun Northface verschänken. D'Equipement as gebraucht erfëllt awer nach ëmmer säin Zweck. Du kans hien ënner der Nummer 621 303 413 kontaktéieren oder schréif eng mail op charles.thibo@gmail.com.

**Lions Bleus Shop**

De Lions Bleus Shop as fir nächst op vun 15h45 bis 16h15 den:  
 1/05/2010 - 5/06/2010 - 3/07/2010

# LBB ROVERweekend

Et gët GEMUNCKELT wéi wann am Mee  
en Roverweekend wier...

Dofir schreiw den Datum schnell op, an haalt Ierch den Weekend fräi



**WEINI**  
den  
**8.- 9.Mee 2010**



**Départ & Retour:**

Samstes 14 Auer & Sonndes 17 Auer op der Gare zu Dommeldange

**Fir déi Leit déi gärén matginn...**

Wourunner ass ze denken:

- klengen Rucksack fir mat op den Trajet,  
Groussen Rucksack mam restl.Gepäck & Gegrills fir  
Sonndes...

Weider NEWS iwver den Rover-Weekend & d'lessen  
deelen mir Ierch nach mat.



**d'ORGANIOUN**

# Dem LIB séng Opleisungen:



PATCHWORK:

2					1
		2			
			3		
	3				



1	2	3	2	1	3
2	3	1	3	2	1
3	1	2	1	3	2
1	2	1	3	2	3
3	1	3	2	1	2
2	3	2	1	3	1

SUDOKU

7	9	2	3	5	4	6	1	8
8	5	4	1	2	6	3	9	7
3	6	1	9	8	7	5	2	4
9	4	5	6	3	8	1	7	2
2	7	8	5	4	1	9	3	6
6	1	3	7	9	2	8	4	5
4	2	9	8	1	5	7	6	3
1	8	7	2	6	3	4	5	9
5	3	6	4	7	9	2	8	1

WITZ-FROËN :)

- 1) Well den Film ab 16 ass!
- 2) Keen, well se rutschen all weider!
- 3) Dänner- an Fiichtenoll!
- 4) Well op der Verpackung steet: bis 10kg!
- 5) Waasser!
- 6) Falls een kënnt deen näischt dréckt!
- 7) Den Hond fénnt den Wee alleng heem!

# et schengt

et schengt

- 01) wéi wann the Binny in the Snow Part 2 net an d'Wasser mee an de Schnéi gefall wier
- 02) wéi wann den aale Prinzessinenclub elo erwuessen gin wier an sëch zimlech all no der Draamhochzeit sehnen
- 03) wei wann den Gala 2010 heftig an defteg ausgefall wier
- 04) wei wan net vill Leit de Wee bis op d'Assemblée générale fonnt hätten
- 05) wei wann Tomatenzoos and Waafelen excellent gewierscht wären
- 06) wei wann den decken Bier demnächst en Rank um Fanger géif droen
- 07) wei wann d'LBB-Corse-Armado elo komplett wier
- 08) wei wann Lions Bleus extrem présent op der Reunion semestrielle gewiescht wären
- 09) wei wann eng gewessen Persoun sein Rum-Cola um Parking stoen geloos hätt
- 10) wei wann d'U-Mammut hir Memberen ewell giff op de schwaizer Biereg op eng haard MAMMUT-Expeditioun schecken
- 11) wei wann op där befirstoender bieren-staarker Hochzeit e professionnell Gala-Service-Team um Drecker wier
- 12) wann dem Pony seng Kutsch vun engem senilen Pensionnaire mat defekten Sensoren getéckt gi wier
- 13) wei wann d'Wandrous-Redaktioun net um neisten Stand vun der Technik wier
- 14) wei wann d'Äppelbeem, d'Bierenbeem, d'Kiischebeem, d'Bananenbeem an d'Bucheckerbeem festen Bestanddeel vun eisen nationale Bescher wier
- 15) wei d'Mamen hier Boufen bis op de Misärshaff op de Bosses et Bobos géife féiren
- 16) das Skimatériel aus dem Adventure net méi daat allernéits wier
- 17) wei wann den Numm Lucky net jidferëngem géif Gléck bréngen
- 18) wei wann d'Famill e Fluch op Techuanaéquipe 2010 geluercht hätt
- 19) wéi wann onsen Caissier säit dem läschte Comitée net méi roueg ka schlofen
- 20) wéi wann ganz vill Léit un dësem et schengt gehollef hun

# et schengt net nemmen

et schengt net nemmen

- 01) dass dëst kee Grond vir di voll présent Léit war, op dësem riisen Event doheem setzen ze bléiwen
- 02) dass se sech zevill vun hierem aalen "Prinzessinenprésident" oofgekuckt hätten
- 03) wei wann eng Dame Blanche den Menu „schokolandensüß“ oofgeschloss hätt
- 04) wei wann d'Leit eng nei Eiszeit gefaart hätten
- 05) wei wann se am Home stoen bliwwen wieren
- 06) wei wann seng Modi op en religieusen an spirituellen Treppeltuer mam Paschtouer géif pochen
- 07) wei wann d'Flott endlech eng gemeinsam Fähr no laangem Mausclicken fonnt hätt
- 08) wei wann se alleguer am scheinen bloden Partnerlook komm wären
- 09) wei wann den Christophe sech en iwwert den Kapp geschott hätt
- 10) dass des heel an ganz eremkomm wieren
- 11) dass des traureg wieren net an der TIPTOPER Uniform kennen un d'Wierk ze goen
- 12) wei wann d'Reparatiounen Käschten op bis zu engem dreistelligen Beraich geifen berufen(nee net hannert dem Komma)
- 13) dass des vill Krämpes mat komeschen Dateiformater hätt
- 14) wei wann eis Scouts-Branche an deem Beraich ganz tolerant gewiercht wier an am Tenderfoot-test en Aen zougedreckt hätt
- 15) wéi déi Mammen sech einfach an de Carré géifen stellen an um Bosse et Bobos géife bléiwen
- 16) wei wann Skibindung net méi um Ski géif haalen an dass deen aaneren zu Fous erof gangen wier an deen aaneren mat 2 puer Ski eroof gefuer wier
- 17) das de Lucky sëch duerch d'Bascht gamaacht hätt an das d'Hundeaufpasser probéiert hun hien mat der allerféinster Kaiifechzoziss erëm an d'Haus ze laacklen
- 18) das d'Famill eng Luxusvakanz haad an das d'Techuanaéquipe all moment eng aaner Panne gehaat hätt
- 19) das hien et net einfach hätt op der follgestoppten Matratz mat Suen ze schlofen
- 20) wei wann dess Léit déi nächste Kéier keen et schengt bréichten ze maan

Melle Meyer Arlette - MM Majerus Tina - MM Majerus Evelyne - Melle Goergen Simone - MM Schumarini-Leuk Egidio - MM Jenin-Thomé - MM Fay-Bisdorf - MM Kremer-Braun - MM Majerus Patrick - MM Schaack-Hirsch Albert - Anonyme - M Goergen Claude - Mme Federmeyer Berthe - M. Grün Joe - MM Heinen G. + Sendel Denise - M. Thibo Charles - M. Rohmer Kevin - MM Kohn-Mergen Christiane

D' Wandrous no 327 as zesummengesaatgin a fortgeschéckt gin: Kodiak, Tameng, Eric an Tahr

## Un der WANDROUS N°328 hun matgeschafft:

LIB / Maîtrise Beaver - Wëllef - Scouten a Explorer / Staff Corse 2010 / Nicolas Piron / Ludovic Lemoine / Samuel Lemoine / Techuana Equipe / Famille Majerus / Max Majerus / Christophe Reiners / Eric Holzem / De Finanzminister / Organisatiounsteam vum 19. Gala / Tamia / Kodiak a Paco



# Programm Wandroun: De Wandroun Programm:

abrëll'10		mee'10		juni'10				
Do	1	SCOUTSCAMP	Sa	1	Beaver/Trupp/Explorer	De	1	
Fr	2	SCOUTSCAMP Formation Explorer	So	2		Me	2	Permanence
Sa	3	keng Versammlungen Formation Explorer	Me	3		Do	3	
So	4	Formation Explorer	De	4		Fr	4	
Me	5	Formation Explorer	Me	5	Permanence	Sa	5	Meute/Explorerschaaffdaach BEAVERVELOSTUER & P-WE
De	6		Do	6	Scout-Shop 17:30-19:30	So	6	PATRULLENWEEKEND
Me	7		Fr	7		Me	7	
Do	8		Sa	8	keng Versammlungen ROVER-WEEKEND	De	8	
Fr	9	Interunitées EXPLORERCAMP Formation Scoutsakademie	So	9	ROVER-WEEKEND	Me	9	Permanence
Sa	10	Interunitées EXPLORERCAMP Formation Scoutsakademie	Me	10		Do	10	
So	11	Interunitées EXPLORERCAMP Formation Scoutsakademie	De	11		Fr	11	
Me	12		Me	12	Permanence	Sa	12	keng Versammlungen MISARAQUA-SORTIE
De	13		Do	13		So	13	
Me	14	Permanence	Fr	14		Me	14	
Do	15	Scout-Shop 17:30-19:30	Sa	15	Beaver/Trupp/Explorer SIXPLO	De	15	
Fr	16	EXPLO	So	16	SIXPLO	Me	16	Permanence
Sa	17	Beaver/Meute/Explorer EXPLO Bosses&Bobos	Me	17		Do	17	Scout-Shop 17:30-19:30
So	18	EXPLO Bosses&Bobos BEAVERFUNDAY	De	18		Fr	18	
Me	19		Me	19	Permanence	Sa	19	Beaver/Meute/Patrull/Explorer CORSE Elterenversammlung
De	20		Do	20	Scout-Shop 17:30-19:30	So	20	Fest vun der Natur op der Kockelscheier
Me	21	Permanence+Corseversammlung	Fr	21	Wandrouseinsendeschluss	Me	21	
Do	22		Sa	22	keng Versammlungen PENGSCHTCAMP	De	22	FAACKELZUCH & LBB GRILLSTAND
Fr	23	Dragons des Georges keng Versammlungen HOCHZÄIT vum CG&ACC	So	23	PENGSCHTCAMP	Me	23	Permanence
Sa	24		Me	24	PENGSCHTCAMP	Do	24	
So	25		De	25	PENGSCHTCAMP	Fr	25	
Me	26		Me	26		Sa	26	Beaver/Meute/Trupp/Explorer CORSENTEAMTREFF
De	27		Do	27		So	27	
Me	28	Cogra	Fr	28	Wandrounredaktionsschluss	Me	28	
Do	29		Sa	29	keng Versammlungen	De	29	
Fr	30		So	30		Me	30	Permanence
			Me	31				

# Allerläscht Wandrouns - Sait

[www.lionsbleus.lu](http://www.lionsbleus.lu)



fnef  
scouts & guides



THAT'S ALL FOLKS

